ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 12/01/2026

Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 12 Mäi 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Thierry EVERAD Patrick EVERARD Luc ELSEN Carlo KOEPP (Rapport) Patrick KRAEMER Louis MALHERBE Joske VOSMANN Gilles WETZEL Carole WINTERSDORF Pascal WIRTZ	Louis MEYER (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 13 Mäerz 2025
3. Conclusioun iwwert de Repair Café & Virbereedung fir den 21. Juni 2025
4. Retouren oder Demanden vun der Gemeng
5. Eis Meenung zu natierlechen Ressourcen, Wand a Sonn
6. Nächst Sëtzung

Helperknapp, 12/01/2026

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

10 vun 11 Memberen ware präsent.

Punkt 2 : Rapport approuvéieren

De Rapport vum 13 Mäerz gouf approuvéiert.

Punkt 3 : Conclusioun iwwert de Repair Café & Virbereedung fir den 21. Juni 2025

De President hat déi lokal Repairer an dës Sëtzung invitéiert, déi sech bei eis gemellt haten an um éischten Repair Café dobäi waren. Mir wollten hir Andréck an hir Meenungen héieren. Virun allem huet de Patrick hinnen awer nach eng kéier Merci gesot fir hiren engagéierten Asaz.

Verschidden Punkten goufen erwäänt, notamment wéi een méi jonk Leit fir de Repair Café kéint begeeschteren- fir hinnen d' Technik méi no ze bréngen, hinnen d' Méiglechkeet ze ginn ze léieren an Erfarung ze sammelen. Et gouf festgestallt dat e flotten Echange tëschent de Visiteuren an den Repairer entstan war.

De Sekretär huet nach informéiert dat den 28 Juni d' Koll scho séit längerem besat ass. Mir haten dat och deemools vun der Gemeng matgedeelt kritt. An der Sëtzung gouf dofir proposéiert, **den Repair Café eng Woch éischter, den 21 Juni, z' organiséieren**. Dëse neien Datum gouf esou akzeptéiert. D' Koll war scho provisoresch reservéiert.

D' Preparatioun vum 21 Juni decidéiere mir an der Sëtzung vum 17 Juni.

Wéi geet et weider? Déi nächst 2 Repair Caféen ginn nach vun der Kommissioun zesummen mat der CELL organiséiert. Duerno soll e Comité, dee nach muss kreéiert ginn, d' Organisatioun iwwerhuelen, an dat ab dem nächste Joer. CELL ënnerstëtzt och bis dohinner. Déi lokal Reparateuren stinn dann an éischter Linn. Mir kënnen awer weiderhin erfueren Repairer vun der ASBL ufroen!

Organisatioun

Punkt 4: Retouren oder Demanden vun der Gemeng

Mir kruten vum Buergermeeschter merci gesot fir d' Organisatioun vum Repair Café.

Helperknapp, 12/01/2026

Punkt 5: Eis Meenung zu natierlechen Ressourcen, Wand a Sonn.

Lëtzebuerg ass bei der elektrescher Energie ofhängeg vun Liwwerungen aus den Ausland, notamment Däitschland. Mir hunn keng eegen Kraaftwierker fir Stroum ze produzéieren. D' Pompspeicherkraaftwierk vun Veianen ass um däitsche Netz ugeschloss, an eenzel Anlagen wéi dat kléngt Waasserkraaftwierk zu Rouspert spillen nëmmen eng lokal Roll.

Fir méi Onofhängegkeet bei Stroumversuergung z' erreechen, setzt d' Politik säit laangem ob erneierbar Energien wéi Sonn a Wand. An de leschten Méint goufen verschidde Konferenzen zu dësem Thema an eiser Gemeng ofgehalen. Ënner anerem gouf matgedeelt dat den Undeel vun erneierbarer Energie aus Lëtzebuerg bis elo bei ongeféier 15% vun der Gesamt-Consommatioun am Land läit.

Awer wéi sti mir dozou, wat ass eis Meenung?

Eenzel Kommissioun Memberen hu schonn Erfarungen mat Photovoltaik Panneauen.

Desweideren gouf drop higewisen, dass Regional Energie Kooperativen vu Leader Lëtzebuerg West an den Energie Park Réiden ënnerstëtzen a Léisungen ubidden fir nei PV-Anlagen a Wandrieder z' installéieren - z.B. PV op ëffentlech Gebaier. Si bidden och Bedeelegungen op Koproprietéitsbasis un, souwuel fir Gemengen wéi och Privatleit, mam Zill, d' energeetesch Transitioun an der Regioun ze förderen

Den Thierry huet seng Erfarungen am Beräich PV matgedeelt. Och wann een an eiser Gemeng ëmmer mee Solarpanelen op den Diecher gesäit, esou bléift d' Energiespäicherung vum nohalteg produzéierte Stroum am Kontext vun der "Dunkelflaut" e wichtege Punkt. D' Batterien bei den privaten PV-Anlagen bis 20Kwh decken normalerweis nëmmen den eegenen Bedarf.

Gréisser Anlagen musse geplangt ginn, fir déi iwwerschësseg Energie ze späicheren, déi am Dag bei der PV-Stroumproduktioun oder vun de Wandrieder ufält. Dat geet z.B. mat mobillen Batterie-Containeren, mat individuelle Leeschtungen bis 215kWh.

Eng aner interessant Méiglechkeet ass d' Produktiounen vu Waasserstoff als Energieträger an d' Zréckwandlung an elektresch Energie iwwer Brennstoffzellen.

Zu Schweebech soll an der neier Cité eng Salzwaasser Batterië mat ageplangt sinn. Dës funktionéiert mat engem Electrolyte aus Waasser mat opgeléistem Salz (Natriumsulfat).

Helperknapp, 12/01/2026

6: Nächst Sëtzung

De nächsten Termin ass den **17 Juni um 19h30** an der Koll. Eventuell kënne mir och d' Repairer ufanks invitéieren fir d' Preparatioun vum 21 Juni.

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

1. Retouren, Demanden aus der Gemeng
2. Nächste Repair Café
3. Divers

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.